

## *En neie President an aussergewöhnlechen Zäiten*



### ***Éischt Usprooch vum Luc Emering, neien Nationalpresident vun der Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren***

Léif Éieregäscht,

Léif Gäscht,

Här Äerzbëschof,

Här Minister,

Am Numm vun der LLJ begréissen ech lech ganz härerlech haut den Owend op eisem 1. virtuelle Jongbauerendag.

Fir mech ass et haut den Owend net déi 1. Kéier, wou ech d'Éier hu fir d'LLJ ze schwätzen, mee déi ganz besonnesch Éier, d'Presidentschaft vun dëser dynamescher an innovativer Ekipp dierfen ze iwwerhuelen.

Ech profitéieren dofir och direkt op dëser Plaz, fir dem Nationalcomité e grouse Merci fir d'Vetrauen auszeschwätzen. E Merci huet awer och mäi Virgänger, eise Marc verdéngt, deen dëse Veräin iwwer déi lescht 4 Joer dynamesch a ganz eegenaarteg, mat vill neien Impulser an Iddie beräichert huet. Mir hunn dir Marc natierlech och e klenge Kaddo gemaach, deen eise Merci un dech fir deng besonnesch Leeschtungen ausdrécke soll. Et handelt sech ëm eng personaliséiert Feierstell. Coronabedéngt iwwerreeche mir dem Marc de Kaddo och virtuell, well eise Fournisseur de Logo vun eiser A.s.b.l., souwéi de Logo vum Marc sengem Domaine Viticole net rechtzäiteg konnt erausfräsen.

Haut op eisem 1. virtuelle Jongbauerendag versiche mir dës alljärelech Pflichtveranstaltung fir d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft, souwéi eis konstruktiv Vuen a Léisungsvirschléi, wat d'Agrarpolitik ubelaangt, an dëser ganz spezieller Zäit, op digitalem Wee un all d'Interessenten ze vermëttelen.

### **De Covid-19 huet och d'LLJ getraff**

De Covid-19 huet d'Joer 2020 dominéiert, keng Branche gouf verschount. Nieft de corona-bedéngte landwirtschaftleche Suitten, ass eis A.s.b.l. och heivunner betraff. Déi grouss Einnamen, wéi mir se an de leschte Jore vun der erfollegräicher Foire Agricole oder dem Bauerenhaff an der Stad kann hunn, feele leider dëst Joer an eise Keesen. Dat bedeit, datt mir déi finanziell Stabilitéit, déi dës Einnamen äis déi lescht Jore ginn hunn, fir Aktivitéite mat eise Memberen ze maachen, fir dëse Veräin um Liewen ze halen, fir de Fonctionnement vun eisem Büro ze garantéieren, etc., leider dëst Joer net hunn. Och eis regional Gruppen hunn hir Aktivitéiten dëst Joer corona-bedéngt op e Minimum reduzéiert. Doraus resultéiert, datt och mir musse spueren a probéieren, äis esou gutt ewéi méiglech iwwer Waasser ze halen, fir kënnen, soubal dëse Virus eis Gesellschaft net méi fesselt, erëm mat vollem Elan an eist Veräinsliewen ze starten. An dësem Kader bieden ech Iech am Numm vum Nationalcomité ëm Versteesdemech, datt mir rezent decidéiert hunn, eis bekannten LLJ.News iwwergangsweis bis Enn 2021 an digitaler Form, an net méi wie gewinnt, a Papeierform un eis Memberen ze verschécken.

Eise Veräi leeft, mee anescht.

Mir ass et besonnesch wichteg, datt mir trotz allem positiv an d'Zukunft blécken. Mir setzen de Moment alles drun, fir kënnen d'nächst Joer eise wäit iwwer d'Grenzen eraus bekannte Bauerenhaff an der Stad, corona-konform, mat vill Espace a villen neien Attraktiounen ze plangen. Och am Kader vun der nächster Foire Agricole, ob virtuell oder net, wäerte mir, wéi gewinnt eist Beschtt ginn.

### **GAP-Gemeinsam Agrarpolitik**

Wann ech op dëser Plaz vun Ausbléck op eis kommend Aktivitéite schwätzen, wëll ech och kuerz e Wuert iwwert d'agrarpolitesch d'Zukunft vun de Jongbauere verléieren.

Bekanntlecherweis ass et jo esou, datt am Kader vun der Neigestaltung vun der GAP déi eenzel Memberstaaten vill Fräiraum hunn, wat d'Erstelle vun engem eegene landesspezifischen Oplagekatalog, betreffend déi nei Eco-Schemes, ubelaangt. Dat heescht an anere Wieder, datt duerch dës Dezentraliséierung, d'EU-Memberstaaten en eegene GAP-Strategieplang, mat deenen néidegen Instrumenter an Ziler formuléiere wäerten. Heizou wäerte mir sécher haut den Owend nach weider interessant Informatiounen vum Här Hansen gewuer ginn. Ech gesinn an dësem Kader d'Jongbauere mat als ganz wichtige Bestanddeel, wann et ëm d'Ausschaffe vun deenen zukünftigen ökologeschen Oplage geet, déi d'Baueren déi nächst Joerzénge erfëlle mussen. Et sinn 2 Kär-Elementer, déi an Zukunft onbedéngt musse betruecht ginn:

Dat ass éischtens, datt d'Ausriichtung vun der neier GAP net nach zousätzlech de Landdrock, mat deem déi jonk Baueren ëmmer méi ze kämpfen hunn, an d'Luucht dreift, dat virun allem duerch de sougenannten Duerchreechungseffekt. Dëst heescht, datt ganz vill öffentlech Gelder, déi primär dozou geduecht sinn, der Landwirtschaft ze hëllefen, duerch eise Secteur duerchgerecht ginn an zum Beispill de Landverpächter zu gutt kommen.

Dat zweet Element, dat muss betruecht ginn, ass, datt d'Landwirtschaft laangfristeg just ambitionéiert ökologesch Ziler erfëlle kann, wann dëst iwwer d'Produktioun ze bezuelen ass! Esoulaang all Ustrengung an d'Ëmweltmoosnamen e wirtschaftleche Minus fir eis Betriber bedeit, ass et schwierig op dësem Plang no fir ze kommen.

## **E breet opgestallte Veräin**

Als neie President vun der LLJ ass et mir besonnesch wichteg, de gutt gefleegten Dialog mat sämtleche Ministèren, dem Oekozer, souwéi déi villfältig Zesummenaarbechten, déi meng Virgänger opgebaut hunn, weiderzeféieren. Mir sinn e ganz breet opgestallte Veräin, an dëser A.s.b.l. huet jiddwereen eng Plaz. Ech wëll hei och besonnesch drop agoen, datt mir duerch de Volet Landjugend och sämtlech jonk Memberen, déi net onbedéngt aus der Landwirtschaft kommen, fest integréieren a soumat ee ganz oppent a wäitreechend Denken hunn. Dëst Denken erméiglecht äis et, der Politik kënne ganz verséiert a standfest Léisungsvirschléi zu deene brisantste landwirtschaftlechen Theemen ze proposéieren. Méi heizou gitt Dir, wéi gewinnt, an eiser fundéierter Stellungnam an e puer Minutte gewuer.

An dësem Sënn soen ech all eisen Zuschauer, déi eis haut den Owend online suivéieren, Merci fir Är Ënnerstëtzung. Ech freeë mech op d'Zesummenaarbecht mat alle méiglechen Acteuren a maache mäi Bescht, dëse staarke Veräi weider no fir ze bréngen.

Éier den Här Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich d'Wuert un äis riicht, wollt ech lech matdeelen, datt Dir d'Méiglechkeet hutt, während dem Virtrag vun eisem Gaaschtriedner, dem Här Hansen, Froe bezüglech dem Contenu vum Virtrag, direkt an d'Chat-Funktioun ënner dësem Livestream ze schreiwen. Den Här Hansen wäert lech dann no sengem Virtrag op Är Froen äntweren.